N°89
Entrée le 07.12.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 07.12.2023
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 07/12/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Sozialversécherung, Finanzen & Asyl weiderzeleeden.**

D'Office Sociaux'en hei am Land leeschten ee wichtegen Déngscht, fir deene Leit, déi et hei am Land finanziell net iwwert Ronne packen, ënnert d'Äerm ze gräifen. D'Unzuel u Persounen, déi op Hëllefen ugewise sinn, klëmmt all Joers an et ass am Interesse vum Zesummenhalt an eiser Gesellschaft, dass all Persoun, déi Hëllef brauch, och Hëllef kritt.

Am ofgeännerte Gesetz vum 18ten Dezember 2009 ass d'Aide sociale gereegelt. Iwwert d'Office sociaux kënnen d'Leit Hëllefe kréie fir Waasser-, Stroum- an Heizrechnungen an och Dokteschrechnungen ze bezuelen oder fir Iesswueren ze kréien.

Mir si Fäll vun Demanden bekannt, wou den Office social den Demandeuren Geld iwwerwisen huet, fir Steierscholden bei der Steierverwaltung (ACD) ze bezuelen. Hei stellt sech d'Fro, ob dat nach wierklech an den Aufgabeberäich vun der Sozialhëllef fällt. An anere Gesetzer ass et esou, dass d'Präsenz vu Steierscholden oder Scholden bei der Sécurité Sociale dozou féiert, dass den Demandeur aus enger Prozedur kann ausgeschloss ginn. Als Beispill sierf den Artikel 29 (2) vum Gesetz iwwert ëffentlech Ausschreiwungen vun 2018 genannt.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Ass et erlaabt, dass d'Offices sociauxen asprangen, fir Steierscholde vu steierflichtege Persoune bei der Steierverwaltung ze bezuelen?
    - Falls jo, op Basis vu wéi engem Artikel vum Gesetz kann dës Hëllef accordéiert ginn?

2. Muss den Demandeur d'Suen, déi hie fir d'Bezuele vun enger Steierschold krut huet, zu engem spéideren Zäitpunkt zeréckbezuelen, esou wéi den Artikel 31 vum Gesetz vun 2009 dat virgesäit oder ass et de Gemengen op Basis vum Artikel 32 iwwerlooss, ob se d'Steierschold bezuele wëllen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, des Solidarités,
du Vivre ensemble et de l'Accueil

**Äntwert vum Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil op d'parlamentaresch Fro n°89 vum Här Deputéierte Marc GOERGEN iwwer d'Prise en charge vu Steierscholden duerch d'Offices sociaux.**

**1.**

D'Gesetz vum 18. Dezember 2009 iwwert Sozialhëllef etabléiert e grondsätzlecht Recht op Sozialhëllef fir den Eenzelnen. Den Office social informéiert a beréit d'Leit, ënnerstëtzt si an hiren Demarchë fir datt si Accès zu de verschiddene soziale Mesuren a Prestatiounen hunn a kann de Leit och eng aide matérielle accordéieren.

D'Gesetz definéiert déi generell Prinzippie vun der Sozialhëllef, ouni awer e Katalog u méigleche Leeschtungen opzestellen respektiv verschidden Ausgabe vum Beneficiaire auszeschléissen. Am deemolege Gesetzesprojet liest ee follgende Commentaire zum Artikel 7 : « *Cet article énonce les principes de base des missions de l'office sans toutefois rentrer dans les détails. En effet, toute énumération risquerait de ne pas être exhaustive et par là, de limiter inutilement le champ des interventions possibles, voire nécessaires, dans une situation donnée. Comme il s'agit d'aides personnalisées, il ne sert à rien de les standardiser outre mesure, car elles auraient toutes les chances de rater leur objectif. (...)* »

Et opläit dem Conseil d'administration eng Decisioun ze huelen un Hand vum Dossier deen him vun zoustännegen Assistant social presentéiert gëtt. An der Enquête sociale, déi vum Assistant social duerchgefouert gëtt, ginn all d'Revenu'en an d'Depense/Scholde vum Stot opgelëscht ; dorënner kënnen sech och Steierscholde befannen. Déi accordéiert Hëllef ass ëmmer eng individuell Äntwert op eng meeschtens komplex Situatioun vum betraffene Stot.

**2.**

Generell kann den Office social remboursabel Hëllefe ginn oder sougenannte "Secours'en", déi net rembourséiert musse ginn.

Den Artikel 7, Alinea 9, vum Gesetz erlaabt dem Office social vum Beneficiaire en aktiivt Matschaffen anzefuerderen (« *En contrepartie de l'aide sociale accordée, l'office social est en droit de demander une participation active de la part des bénéficiaires aux mesures destinées à rétablir leur autonomie.* »). De Conseil d'administration decidéiert ob an ënnert wéi enger Form hien eng Participatioun vum Beneficiaire afuerdert an tranchéiert och ob d'Hëllef ënnert Form vun engem « Secours financier » oder enger « Avance remboursable » zougestane gëtt.

En aktiivt Matschaffe muss net onbedéngt e Remboursement vum Beneficiaire bedeiten. E rekurrent Beispill vun aktivem Matschaffen ass d'Fuerderung un de Betraffenen d'Gestioun vu sengem Budget reegelméisseg mam Assistant social duerchzekucken.

D'Artikelen 31 an 32 vum Gesetz sinn nëmme bedéngt eng Äntwert op d'Fro vun engem méigleche Remboursement.

Den Artikel 31 fousst op zwou spezifesche Situatiounen:

- eng éischt wou den Office social géif feststellen datt de Beneficiaire net éierlech bei senger Demande war an net all relevant Informatiounen zu senger finanzieller Situatioun matgedeelt hätt ;
- eng zweet wou de Beneficiaire, nodeems hien eng Hëllef vum Office social kritt huet, zu eng substantieller Verbesserung vu senger finanzieller Situatioun komm wier (zum Beispill duerch eng Ierfschaft).

Den Artikel 32 vum Gesetz geet iwwert déi regulär Sozialhëllef vum Gesetz eraus a gëtt de Gemengen d'Méiglechkeet eege sozial Leeschtungen ze definéieren déi den Office social, am Kader vun engem speziellen Arrangement, fir d'Gemeng(en) ausféiere géif. Am deemolege Gesetzprojet liest ee follgende Commentaire zum Artikel : « *Liberté est laissée à l'autonomie communale de faire plus que le minimum contenu dans le projet de loi commenté ci-avant. Toutefois, il est retenu que si des actions supplémentaires étaient décidées, et qu'elles devraient être exécutées par l'intermédiaire du service d'aide sociale, elles sont facturées par ce dernier à la, ou respectivement les communes impliquées.* »

Lëtzebuerg, den 22.12.2023

De Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil

(s.) Max Hahn